

## Nationalitéit a Sprooch

vum Lex Roth



(PHOTO: TEDDY JAANS)

De Gesetzprojet (firwat da Gesetzes-?) fir eis Nationalitéit ze kréien huet och en Element 'Sprooch' dran. Dat ass weder nei nach spezi-fesch lëtzebuergesch. **Gitt an all Länner rondrëm kucken: Do gëtt e bestëmmte Quantum vu Sprooch-Kënnen als eng vun de Conditione fir de Pass vum Land ze kréie gefuerdert**, sief et an Däitschland, am Frankräich, an Holland, a Schweden asw. An den USA ass dat ewell laang eng Selbst-verständlechkeet, ower net fir Leit ze kristillegen, mä fir hinnen d'Integratioun ze vereinfachen. Den Integratiounsprozess hält jo net mat deem offizielle Schrëftstéck op, dat een als neie Staats-bierger an de Grapp kritt. 'Integratioun' ass eng Zort Dauer-Formatioun, eng permanent Entwécklung fir sech an eng bestëmmte Gesellschaft eran ze liewen. Dat brauche mir all, egal wuer mir hikommen!

Wien sech an d'Sprooch vun deem Land eraschafft, an deem hie wëlles ass, säi Liewen ze maachen, dee fillt sech no an no ëmmer méi gemittlech an senger neier 'Wahlheemecht'; dat huet doriwwer eraus nach e formidabele **psychologeschen Afloss**... an zwar net nëmmen op den Eenzelen, mä och op seng Famill, seng Kanner, d'Noperschaft, de Bekanntekrees. Dofir brauch een déi nei Sprooch net aus dem 'ff' ze kënnen, net onbedéngt mat Grammatik a Schreiwwe 'verflemmt' ze ginn. Wichteg ass, dass d'Äis rondrëm ee gebrach gëtt, dass ee sech manner 'kal' do fillt. Den 'Accent' spillt keng sënnerlech wichteg Roll; dacks ass/bleift en esouguer sympathesch... **et geet ëm 'd' mateneen-eens-ginn'**, ëm d'Verstoen an zugudderlescht de Respekt iwwer an eriwuer. Villes, dat Meescht, kënn da vumselwen.

Wéi mir 1976 mat eisen (direkt 'iwwerbuchte') Coursë fir Lëtzebuergesch ugefaang hunn, waren dës Iwwerleeungen de Fong an d'Motivatioun fir d'Léiermeeschteren an d'Gesellen'. Et deet engem haut nach immens gutt, wann een no 30 Joer Leit begéint, déi sech iwwer dee Wee an hirem Lëtzebuergesch beluewen. Déi eng schwätzen et besser, anerer manner a mat méi 'Accent', ower dat ass egal: si fillen sech einfach gutt domat. Do spille jo och hir perséinlech Ëmwelt an de Charakter (och den IQ) eng Roll... an et dierf een eis gelunge Gewunnecht net vergiessen, z. B. ze séier op Franséisch ëmzeschalten... wann een och nëmme mengt, deen anere giff eventuell schlecht oder näischt op Lëtzebuergesch verstoen.

Wéi dat neit Nationalitéits-Gesetz an der Sprooch-Fro herno soll an de Gebrauch kommen, dat wäert dat Allerwichtigst ginn. Eise Staatsrot ass wéi et schéngt dofir, déi sougenannt 'Ausféierungs-Reglementer' direkt an d'Legislatioun mat eran ze bauen. Dat gëtt haart, mä et ass guer net falsch, an als Gesetz soll et net ruppderdupp iwwer de Knéi gebrach, dru gepiddelt oder ofgeschafft ginn. Vläch wier et net vu Muttwëll, wann een do un **d'Hëllef vun eiser Chamber-TV** giff denken; och eng 'interaktiv' Internet-Säit mat 'Chat'-méiglechkeet kënn Guddes maachen. Et léiss sech viles fir 'basic-Lëtzebuergesch' maachen, ouni nëmmen u méi oder manner sprock Coursën ze denken; do kënn ee sech eppes op/erofhuelen, ouni an Zäitdrock ze geroden. Datselwecht wier de Fall fir en etlech kleng, flott a léfteg 'Amenter', wou et – einfach a verstänneg opgebaut/illustréiert – iwwer eist Land, seng Geschicht, säin Opbau, seng Leit a seng Eegenart giff goen. Firwat net eng pedagogesch Serie vun CD/DVD doriwwer maachen? Déi Actiounen sténgen dann ënner neutraler Autoritéit... **eng ganz gutt Roll fir eisen (neutralen!) CPLL, de 'Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise'**... an deem jo praktesch elauter Schoulleit schaffen! Villes ass ewell op der Schinn; mä et bleift nach 'yet' ze maachen...

## den Iddi...

Sot emol engem zu Köln, dir 'hätt nawell Iddi op Mullen', da gitt dir bekuckt wéi deem Uganda-Idi Amin säin Eedem. Dat ass esouguer fir e Kölner 'Chinojapanesesch', och wann dacks gemengt gëtt, eis Sprooch an dat Kölsch wiere praktesch identesch. E gudden, urale Sproch: Wie mengt, dee weess näischt... wëllt vläch näischt wëssen... oder soen.

Jidderee kennt dach **DEN IDDI am Sënn vu Loscht oder Gloscht** (alt erëm 'eiser eent'). Mä da gitt an egal watfir eng vun de Sproochen an Europa bliederen. Do gëtt et dat Wuert 'Iddi', esou wéi och am Lëtzebuergesch, nëmmen am Sënn vun engem 'Gedanken'. Vläch kritt dir dann och e bëssen Iddi, iech emol méi wäit dofir ze interesséieren. ■ M.V.

## 't ass nawell wouer...

Well hien net oppasst, ass hien ewell 10 mol getrollt... a wann hien net oppasst, da fällt hien nawell eng Kéier... d'Vally gëtt nawell e schéint Meedchen... dat gesäit sproochlech no näischt aus... ass ower esou spezifesch 'EISES' wéi et nëmme ka sinn! Wa mir dat op Däitsch iwwersetzen, da gesi mir, wéi d'Lëtzebuergesch ëmmer méi verwässert gëtt. Dat 'ewell' ass zesoe bal verschwonn; vum 'nawell' bleift och nëmme méi rosewéineg iwreg. Firwat?

Dir kënn elo soen, et wier dach net wichteg. Et stëmmt: esou 'Klenggekeete' rappe kenger Méck e Been aus; si zéien eiser Sprooch ower op eng onheemlech hannerlëschtteg Fassong d'Muerch aus de Schanken. Huet är Mamm (alt erëm) ni esou gesot? Dat wier emol genee ze kontrolléieren; mam Behaapte geet et net duer. A mat 'al' oder 'museal' huet dee Phenomän glat näischt ze dinn... eng Aarbecht fir d'Studente vun der 'Luxemburgistik'. ■ H.M.

## Ceterum censeo... (20)

### Eis Sprooch an d'Constitutioun!

Eng ganz einfach Taktik vu Verantwortlechen: Looss se nëmme gewäerden, si wäerten sech scho ginn.

**De Lëtzeburger ass dofir bekannt, dass hien sech net esou séier gëtt.** Hie bréngt et och nawell fäerdeg, zimlech ongemelleg ze ginn, esouguer eppes ze riskéieren, wann hie vun enger Saach/Iddi iwwerzeegt ass.

Dat hu 'mir' jo am leschte Krich gewisen... an zwar fir d'alleréischte bei deem als 'Personenstandsaufnahme' verkleete Referendum vum 10. Oktober 1941. Et muss ee sech emol bedenken, wéivill Courage et do gebraucht huet, vis-à-vis vun den Nazi-Verbrieder! Op déi 3 onschëlleg gefierften Hauptfroen, déi d'Säckdréier de Lëtzeburger iwwer hir 'Zugehörigkeit' gestallt haten, hunn eis Grousselteren **3x 'lëtzebuergesch'** geschriwwen. Och fir eis Sprooch. Trotz der Gefor fir Fräiheet, Leif a Liewen.

Sollen d'Kanner a Kandskanner vun deene geruete Lëtzeburger, déi an der Ëmsiedlung, am Prisong, am KZ, am verhaasste Kleed vun der 'Wehrmacht' gelidden hunn, dann net verstoen, dass dofir als Merci a Geschichtsbewusstheet eis Sprooch an d'Grundgesetz vun eisem souveräne Lëtzebuerg gehéiert? Wann neen, da musse mir hinnen 'den Dicks riichten'. ■ AL

## mengen an...

*Mengen a Botter sch...* ass zweeërlee, hunn d'Leit zu deene gesot, déi ëmmer nëmme gemengt hunn, ower ni sécher waren, oder sech verhalen (a verhuelen) ausdrécke wollten. Passt emol op, wéivill an der Politik 'gemengt' gëtt, aplaz ze soe wéi et ass.

En Ausdrock, deen ewell zu Tréier kee méi versteet: *Da meng alt!*... wann een 'eng komme léisst', déi net stëmme kann, oder mat deer een op kee Fall d'accord ass. Et ass de Sënn vu 'Quetschen och!'; am Engleschen huet den amerikanesche Generol Mac Auliffe 'Nuts!' zu Baaschtnech gesot, wéi d'Preise gär gehat hätten, hie soll kapituléieren; bei engem Fransous wier et ganz bestëmt 'des clous!' ginn.

*'Der meint sich'* wëllt am Däitschen nullkommanäischt heeschen. Wann de Lëtzeburger seet, et giff ee 'sech (mat eppes) mengen', oder d'Lisi wier e *vermengtent Framënsch*, da komme mir an d'Géigend vun Houfert, vläch esouguer bis bei eng Bretzerei.

Wat ass eis Sprooch ower esou arem, gelldir... da mengt alt! ■ P.W.

## knatzeg a knazeg

Et soll ee sech vläch emol froen, firwat mir Lëtzeburger esou liddreg sinn, fir 'Neologismen' ze maachen, also nei Wierder. Mä ganz einfach: well mir duerch d'Schoul, d'Televisioun, d'Press dru gewinnt sinn/ginn, op d'mannst an 3 Sproochen dorëmmer ze ditzen.

Huelt emol en Ausdrock, dee mir aus deer genësseger italiénescher Kichen einfach ouni Kéier a Krëmmel erageholl hunn: *'al dente'*, also net ze mëll gekachten Deegwueren oder Räis. Wann een d'Spaghetti nach ganz e bësse muss knaen, si also mat den Zänn muss duerchbäissen, da sinn se 'al dente'... wier et dann esou vermessen oder fanatesch, wa mir – a sief et nëmmen am Spaass – dofir einfach knazeg genge soen. Dat ass mir dëslescht an engem Buttek opgefall: eng Dämmchen hätt gär Äppel gehat. *«Joffer, gitt mir deer e bësse méi knatzeger, déi sinn net esou mielzeg an esou gut knazeg»*. Mä firwat dann net?! ■ L.R.

## Gëff dech, soss...

*Wann hie bis mat Jäizen ufänkt, da gëtt deen sech net... gëff dech, soss kriss d'eng op de Bak! d'Sabbell/d'Gladder... hien huet sech net ginn, bis en sech eng fatzeg ginn hat... wann s du dech net gëss, da ginn et der.* Dat alles braucht dir kengem zu Mainz ze verzielen, oder schwätzt léiwer mat enger Mauer. Dat glënnert a fénkelt no Däitsch, an et ass iwwerhaupt keent. Dir kënn datselwecht (an nach kéipweis aneres) och op franséisch oder englesch probéieren ze iwwersetzen. Nixdegibbi!

Wat wier et dach flott, wann emol een sech domat geng 'ameséieren', **deer Ausdrocksweisen ze sammelen**. Hien hätt eng Beschäftegung, déi fir de Kapp op d'mannst esou gutt wier wéi 'Rätsel' vun egal watfir enger Zort. Dobäi krite mir Säiten a Säite beieneen, fir hier an d'KLACK... a firwat net an e flott Heftchen. Vläch wier et och eng giedeleg an nätzlech (!) Aarbecht fir d'Luxemburgistik' op eiser UNILu. Wien eppes dovun hätt? Eis Sprooch a mir alleguer. Vrun allem déi, déi esou gär mengen, d'Lëtzebuergesch wier dach nëmmen... ok, dir wësst. A wie mengt, ... ■ M.V.

## Eises

Dee Stüchtert huet sech net ginn, an dunn huet de Patron hie gelicht... da sot dat emol op däitsch, oder iwwersetzt et op franséisch... et gëtt iech kloer, dass et onverwiesselbar Lëtzebuergesch ass!

De 'Stüchtert' ass en Ausdrock, deen se um Gericht fir déi gebrauchen, déi mam gränge Won bruecht ginn, fir vum Riichter *gerësel* ze ginn, *de Wouer geblosen* oder *watgliff gesot* ze kréien... alt erëm eiser typescher Ausdrocksweisen. Dat kann nëmmen ee verstoen, deen d'Lëtzebuergesch zerguttst op der Lee huet... dir mierkt, dass elo hei bewusst op dat méi Speziell gedréckt gëtt. Forcéiert ass et ower net onbedéngt, ze al scho guer net... well mir müssen äis och am Lëtzebuergesch domat ofginn, dass **net alles an de Lompkeuerf gehéiert, wat mir selwer vläch nach net 'passiv/aktiv' am Gebrauch haten**. Dat ass dach ze bëlleg, an dir huet vläch och ewell héieren, dass d'Ursaache fir ze gebrauche sinn. ■ A.R.